

## Wat ass non formal Bildung?

Léiere gëtt meeschtens mat Kandheet, Jugend a Schoul associéiert. Mee et léiert een net nëmmen am Kanner Alter an an der Schoul. Zanter de 60er, a besonnesch de 70er Joren, huet sech d'Iddi duerchgesat, datt jiddereen e Liewe laang, a verschiddene Kontexter an op ganz ënnerschiddlech Aart a Weise léiert. Déi verschidde Forme vu Léiere sinn intensiv diskutéiert ginn an zanter den 90er Jore gëtt den Ënnerscheid tëscht informeller, formaler an non formaler Bildung gemaach.

Besonnesch an den éischte Jore vum Liewen, ass d'Léieren eng zentral Aktivitéit vun all Kand. D'Loscht um Léieren ass him ugebuer. D'Kand erfuerscht seng Ëmwelt eegestänneg a versicht ze verstoen. Et „bild“ sech esou selwer. Déi alleréischte Plaz wou dat geschitt ass doheem. Seng Elteren ënnerstëtzen et fir grouss ze ginn andeems se him Ureegunge ginn, an et encouragéieren Neies ze probéieren. Nieft de Membere vun der Famill léiert d'Kand och vu Gläichaltregen, sief dat Geschwëster oder Frënn. All dëst Léiere geschitt op eng ongeplangten, natierlech a spilleresch Aart a Weis. Dës Form vu Léiere gëtt informell Bildung genannt.

An der Schoul steet d'Léieren am Mëttelpunkt an ass strukturéiert: et gëtt Léier Pläng a Léier Ziler fir déi verschidde Fächer an Alters Niveauen. D'Léieren ass och formaliséiert an d'Wëssen a Kënnen gëtt mat Diplomer unerkannt. Si erlaben den Zougang zu Beruffer oder weidere Studien. Dës Form vu Léiere gëtt formal Bildung genannt.

Mat non formaler Bildung sinn Offere gemengt, wou d'Kand zwar eppes bäiléiere soll, mee wou et net muss, am Viraus fest geluechten, individuell Kompetenz Sockelen errechen. Non formal Bildung geschitt op ganz ënnerschiddleche Plazen, dorënner zielen och d'Crèche, d'Dageselteren oder d'Maisons Relais. Dës Strukturen hunn zu Lëtzebuerg net nëmmen als Aufgab d'Kanner ze betreien, mee se hunn e kloere Bildungsoftrag. Dësen ass am nationale Referenzkader fir déi non formal Bildung definéiert. Dee beschreift déi allgemeng pädagogesch Grondlagen a Prinzipien, a gëtt Richtlinie fir déi pädagogesch Offeren.